



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

## ALEM Studenteninterview

**Numm : Marie**

**Studiestad : Bréissel (ULB)**

**1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?**

3. Joer, 5. Semester

**2. Firwat wollts du Medezin studéieren?**

Ech war schonn säit klengem un ganz interesséiert um mënschlechen Kierper an impressionéiert wei een als Dokter de Leit kann hëllefen.

**3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op de Studium virbereet ginn?**

Sektoun C. Jo, well ech mengen dass ech ouni déi Sektoun schnell d'Schlappen verluer hätt...

**4. No wéi enge Critère soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?**

No der Qualitéit vun der Formatioun, der Sproch op déi een studéiere well an natierlech och zum Schluss dann no der Stad.

**5. Wéi schwéier hues du dech mat der Admissioun geden? (Nott, Examen d'admission, etc.)**

Ech hunn op der Uni.lu mäin éischt Joer ugefaangen an krut dunn eng vun den 3 Platzen zu Bréissel. Den Wiessel vun der Uni.lu op Bréissel war net ganz esou einfach, mee et huet sech awer alles arrangéiert.

**6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser maachen an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?**

Sech frei genuch informéieren wei eng Optiounen een huet.



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

**7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?**

D'Formatioun déi ech op der Uni kréien ass menger Meenung no ganz gutt, un der Organisatioun kéint sech d'Uni awer nach kloer verbessern.

**8. Wéi ass et mat der Fräizäit?**

Zu Bréissel hu mir net immens vill Kueren déi obligatoresch sinn, wat engem d'Méiglechkeet gëtt sech frei anzedeele. Et dierf een awer net vergiessen, dass een am Medezin Studium immens vill leieren muss, wou dann net ëmmer vill Fräizäit iwwreg bleift.

**9. Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?**

De Stress den de Studium heiansdo mat sech bréngt.

**10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis elo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?**

Nodeems mir am éischten Joer d'Anatomie vum Mënsch geleiert hunn, duerften mir am 2ten Joer un der Läch eis theoretesch Wëssen applizéieren, dat hunn ech ganz flott fonnt dass een praktesch gesäit wat ee geleiert huet.

**11. Sinn deng Virstellungen vum Studium bis elo erfëllt?**

Jo!

**12. Hues du schon Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?**

Jo, ech hunn een Infirmiersstage vun 2 Wochen zu Lëtzebuerg gemaach. Ech géif soen dat een den awer och ouni Problem an engem aneren Land kéint maachen.